ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

N°4020

REÇU
Par Christine Wirtgen , 07:35, 06/04/2021

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. Abrëll 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister fir Chancegläichheet weiderzeleeden.

An engem Artikel aus der Zeitung "L'essentiel" war den den 1. Abrëll ze liesen, datt d'Chancëgläichheetsministesch elo envisagéiert, de Kanner an der Maison relais elo weisen ze wëllen, wat – am Hibléck op d'Geschlechtsidentitéit – Stereotyppe sinn.

An deem Zesummenhank hätte mir folgend Froen un d'Madamm Minister:

1. Wéi eng Stereotyppe solle konkret gewise ginn a bezéien dës sech an alle Fäll op d'Geschlechterbild vu Mann a Fra?
2. Wéi vill Geschlechter existéieren an den Ae vun der Madamm Minister? Sinn et der méi wéi zwee? Wa jo, wéi eng Stereotyppen applizéieren sech op jiddwereent vun all deene Geschlechter?
3. Wéi gestalten sech déi genee Inhalter vum Vermëttele vun dëser Programmatik a wou kann een dës fannen, respektiv, noliesen?
4. Wat soll d'Zil si vun der Vermëttlung vun dëser Programmatik?
5. Wéi gedenkt d'Madamm Minister d'Geschlechterrolle vu Jong a Meedchen an eventuell, sollt et der an den An vun der Madamm Minister nach méi Geschlechter ginn, vun all deenen anere Jonke vun all deenen anere Geschlechter konkret ze beaflossen?
6. Gedenkt d'Madamm Minister den Entwécklungswee vun de Kanner doranner ze beaflossen, andeems si hinne vermëttelt, datt déi fir Jongen a Meedercher typesch Interessi- Beruffs- an Themegebidder schiedlech oder net appropriéiert sinn?
7. Denkt d'Madamm Minister, datt d'Kanner am Entwéckele vun hire Fräizäit- a Beruffsintressie méiglechst fräi vun all politesch-ideologescher Beaflossung duerch de Staat solle sinn, fir sech esou fräi entfalen ze kënnen? Wann net, firwat net?

8. Ass et an den An vun der Madamm Minister um Staat, fir sech bei der Kannererzéiung den Eltere wëllen ze substituéieren? Wien huet d'Prioritéit an den Ae vun der Madamm Minister bei der Vermëttlung vu Wäerter, de Staat oder d'Elteren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Jeff Engelen
Deputéierten

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 06 avril 2021

Objet : Question parlementaire n° 4020 du 02.04.2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen et de Monsieur le Député Fernand Kartheiser - Stéréotypes de genre

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés